LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 22 SEP. 2020

Réf. : 834x03555

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:30, 22/09/2020

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 2692 du 20 août 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2692 du 20 août 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de la démolition d'une ferme dans la commune de Beckerich, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 2692

139-000050-20090730-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Kulturministesch, Sam Tanson, a vun der Inneministesch, Taina Bofferding, op déi parlamentaresch Fro n° 2692 vum 20. August 2020 vum Här Deputéierte Fernand Karheiser zum Sujet "Démolition d'une ferme dans la commune de Beckerich"**

1. D'Gemeng Biekerech hat d'Autorisatioun fir d'Scheier ofzerappen ausgestallt, éier eng Prozedur fir eng national Protektioun vum Haapthaus ugefaang gouf. Aus deem Grond war och keng Autorisatioun vum Kulturministère néideg fir d'Scheier kënnen ofzerappen. D'Haapthaus ass zanter dem 14. Juli 2020 „*proposé au classement*" an zu deem Zäitpunkt war d'Scheier schonns ofgerappt.

2. D'Scheier, déi ofgerappt ginn ass, gouf am Kader vun der PAG Begehung, déi d'Gemeng zesumme mam Service des sites et monuments nationaux gemaach huet, just als „*gabarit à protéger*" erkannt. D'Substanz vun der Scheier war also net als erhalenswäert reperéiert ginn. D'Gemeng ass mat hirem PAG nach net an der Prozedur, dowéinst sinn nach keng Konstruktiounen oder Gabariten duerch de PAG geschützt.
   De Kulturministère huet keng generell Dokumentatioun iwwer all d'Scheieren am Land. Eenzel Scheiere sinn am Kader vu Restauratiounsprojeten zesumme mam Service des sites et monuments nationaux dokumentéiert ginn.

3. Am Juni 2019 war d'Kulturministesch mat enger Demande saiséiert ginn, fir den Haff op 35, Haaptstrooss zu Huewel ze schützen. Eng Demande fir d'Haapthaus kënne vu banne kucken ze goen ass doropshin un d'Proprietärin erausgeschéckt ginn. Si huet net op des Demande reagéiert, wouropshin d'Commission des sites et monuments nationaux (COSIMO) mam Dossier vum Haapthaus saiséiert ginn ass. D'Scheier war an der Tëschenzäit ofgerappt ginn, war awer, wéi schonn erwänt, och net am Kader vum Repérage fir de PAG vum Service des sites et monuments nationaux als erhalenswäert agestuuft ginn. D'COSIMO huet den 20. Mee 2020 en Avis en faveur vun engem Classement ofginn. Den 22. Juni 2020 ass d'Proprietärin iwwer d'Intentioun vum Classement informéiert ginn a krut en Délai vun 8 Deeg fir Stellung ze huelen. Nodeems keng Reaktioun koum, ass d'Haus de 14. Juli 2020 duerch en Arrêté ministériel geschützt ginn. D'Proprietärin gouf de nämmlechten Dag schrëftlech heiriwwer informéiert.
   Ob een e Projet hätt kënnen ausschaffe fir d'Crèche an d'Scheier z'integréieren, kann ee nodréiglech schwéier soen.

4. Et si just Sanktioune virgesinn wann d'Gebai op Basis vum ofgeännerte Gesetz vum 18. Juli 1983 och en effektive nationale Schutz huet. Infraktioune géint dëst Gesetz ginn entweder mat enger Prisongsstrof tëschent 8 Deeg a 6 Méint, souwéi mat enger Geldstrof vu bis zu 750.000 EUR sanktionéiert, oder mat just enger vun dëse Strofen, déi am Fall vu Récidive kënne verduebelt ginn. Déi schëlleg Partei muss dat concernéiert Gebai da nees op eege Käschten a säi viregten Zoustand zréck versetzen.

5. Et ass dem Inneministère net bekannt, dass d'Geneemegungsprozedur déi zu der Demolitioun vum Gebai gefouert huet net uerdnungsgemäss ofgelaf wier. Wéi schonn erkläert gouf, ass et sou, dass de Bebauungsplang vun der Gemeng Biekerech kee kommunale Schutz fir dat Gebai virgesinn huet, esou dass näischt de Buergermeeschter drun hënnere konnt, seng Geneemegung ze ginn. Eng legal Informatiounsprozedur an sou Fäll ass net virgesinn. Deemno sinn och keng Sanktioune virgesinn.